Monnerich den 7.I0.8I

Komeroden,

E Sonnden den I8 Okt.8I hält dei Monnerecher Sektion hir traditionell Erönnerungsfeier fir hir Doudeg a vermösst Komeroden a Bierger aus der Gemeng .

Déselwechten Dâg ass ons Generalversammlong. Mir bieden Iech heimatt e Komerod aus dem Centralkomité bei ons ze schecken fir ons Memberen opzeklären, dei bestömmt eröm mat schwierigen Fro'en kommen, an dei sie vun mei kompetenten Leit wöllen explize'ert kréien.

Ech hun och den Opklärungsbréif un all eis Membren gescheckt an eise Comité ass voll a ganz d'accord mat döser Antwert.

Eis Leit hu mech charge'ert dem Comité Central un d'Härz ze le'en, esou Sâchen sollten op letzeburgesch geschriwe gin, well sech vill Leit ganz bé's matt dem Franzeschen ploe mussen a muenches dann och nach falsch verstâne gött.

Programm fi'er Sonndes den I8.I0.8I

I0,I5 Cortège
I0,30 Mass
Duerno Cerémonie beim Monument
Dann E'erewein
Owes öm 20 Auer Réunion Générale am Proufsall
Krein an der Gemeng

Fir de Comité

AMICALE
Enrolés de Force
MONDERCANGE

Riehl E.

4.11.1981

Amicale des Enrôles de Force
p.a. Monsieur Riehl Courthe
16 rue d'Ehlerange
MONDERCANGE

Komeroden,

Mir entschöllegen ons, dass ké vum Zentralkomité op ärer traditionneller Erënnerungsfeier respektif an ärer Generalversammlung war. Ech krut eréicht haut äre Bréif vum 7.10.1981 dén an onser Case Postale mat nach anerer Korrespondenz leie bliwe war. Den Steichen Ernest dén dës Case eidel mecht, huet plötzlech misse résen ouni en aneren Member heivunner kënnen ze informéieren an esou ass während 20 Dég d'Case nët eidel gemach gin.

Entschöllegt ons also a bis eng aner Kéier

Komerodschaftlech

Fir de Komité

Jos Weirich
Prësident